ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 12/01/2026

Rapport vun der Kommissioun fir de Klima a nohalteg Entwécklung

Sëtzung vum 29 September 2025

Präsenzen

Present (Quorum 50% , ≥6)	Net present	Observateuren a Experten
Carlo KOEPP (Rapport) Patrick KRAEMER Louis MALHERBE Joske VOSMANN Gilles WETZEL Carole WINTERSDORF	Luc ELSEN (entschëllegt) Thierry EVERAD (entschëllegt) Patrick EVERARD (entschëllegt) Louis MEYER (entschëllegt) Pascal WIRTZ (entschëllegt)	

Dagesuerdnung

Déi follgend Dagesuerdnung gouf op d'mannst 2 Deeg virun der Sëtzung un d'Memberen (developpement.durable@helperknapp.lu) an op odj@helperknapp.lu verschéckt, respektiv nodréiglech, op Ufro vu Memberen oder dem Schäfferot, ugepasst

1. Begréissung, Presenzelëscht
2. Rapport vum 17 Juni 2025
3. Repair Café
4. Divers
5. Nächst Sëtzung

Helperknapp, 12/01/2026

Punkt 1 : Begréissung, Präsenzelëscht

6 vun 11 Memberen ware präsent.

Punkt 2 : Rapport approuvéieren

De Rapport vum 17 Juni gouf approuvéiert.

Punkt 3 : Repair Café

Et gouf an der Sëtzung unanime beschloss, dëst Joer kee Repair Café méi z' organiséieren. Den Datum vum 18 Oktober hu mir, wéinst enger ze kuerzfristeger Virbereedung, fale gelooss.

Deen Dag si schonn 3 Repair Café ugemellt an et gëtt da schwéier extern Repairer ze kréien. Och mat eisen internen Repairer muss mir méi fréi ofklären, wien disponibel ass, an dat am beschten ier mir d'Invitatioun eraus ginn.

Fir schnell unzeknäppen goufen nei Terminer fir 2026 festgeluecht:

- Samschdeg 28 Februar vun 9h00 bis 13h00
- Donneschdeg 11 Juni tëschent 17h00 a 20h00 als After Work Repair Café (*)
- Donneschdeg 8 oder Samschdeg 10 Oktober (provisoreschen Datum)

Dës Terminer ginn nach am Oktober der Gemeng an der Repair Café ASBL matgedeelt.

Wichteg ass d' **Kommunikatioun no baussen**, souwuel an der Gemeng (Buet, Site an op de Panneauen agaang den Uertschaften), wéi och op der Homepage vun der Repair Café ASBL.

(*) Den After Work Termin gëtt a verschidden aner Gemengen schonn duerchgeféiert. Mir mussen dat awer mat de Repairer ofstëmmen, op dat fir si iwwerhaapt méiglech ass! Richt duerno huele mir eng definitiv Decisioun.

Et gouf proposéiert fir eventuell eng **Whatsapp Grupp mat de Repairer** z'organiséieren.

Punkt 4: Erneierbar Energien

De Joske hat an der leschter Sëtzung proposéiert eng Visite vum **Energie Park Biekerech** ze maachen. Mir sinn domadder d' accord. Hien këmmert sech drëm fir RDV mam Bedreiwer z' organiséieren, entweder an der Woch oder Weekend, jee no Verfügbarkeet vun de Mataarbechter awer och vun den Kommissioun Memberen.

Helperknapp, 12/01/2026

5: Nächst Sëtzung

Déi nächst Sëtzung ass **de 9 Dezember um 19h30**. Den Uert geet nach definéiert well mir uschléissend wëllen zesummen iesse goen.

Méiglech Punkten fir Dagesuerdnung:

1. Retouren, Demanden aus der Gemeng
2. Repair Café
3. Visite Energie Park
4. Divers

Wann dir weider Virschléi huet, schéckt se gären un eise President.